N°4590
Entrée le 06.08.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 06.08.2026
Chambre des Députés



Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 06/08/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Digitalisatioun & Aussenugeleeënheeten weiderzeleeden.**

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro n° 4172 vum 3. Juli 2026 huet den Här Minister matgedeelt, datt Lëtzebuerg op fënnef Poste mat VFS Global als external service provider zesummeschafft, nämlech zu New Delhi, Ankara, Abu Dhabi, Beijing a Shanghai, an datt de Prestataire do just Front-Office-Aufgaben iwwerhëlt. D'Äntwert huet ausserdeem festgehalen, datt d'Donnéeë vum Prestataire nëmme fir déi néideg Zäitspan gespäichert an am Prinzip bannent siwen Deeg nom Transfert un d'Ambassade geläscht ginn, an datt de Prestataire keen direkten Zougrëff op de Visa-Informatiounssystem huet.

Onofhängeg dovu publizéiert de Prestataire op senge Portaler eng separat "Data Transfer Notice". Dësen Text ass ënner anerem iwwer de Portal erreechbar, iwwer deen d'Demande fir Lëtzebuerg a China gestallt ginn, also fir d'Posten zu Beijing an zu Shanghai (https://visa.vfsglobal.com/chn/en/lux/data-transfer-notice, consultéiert de 4. August 2026). De Wuertlaut vun dësem Text ass net op eng bestëmmten Destinatioun zougeschnidden a gëllt no senger Formuléierung allgemeng. Doran ass festgehalen, datt perséinlech Donnéeën aus enger Rei Grënn an en anert Land transferéiert kënne ginn. Do ginn ënner anerem genannt:

- d'Weiderginn un Affiliéen, Duechtergesellschaften oder d'Mammegesellschaft fir Qualitéitssécherung, Audit an intern Berichterstattung;
- d'Weiderginn un Déngschtleeschter a Partner am Kader vun optionelle Servicer wéi Coursier, SMS-Notifikatiounen oder Reesversécherung;
- d'Weiderginn un Autoritéiten am Beräich Strofverfollgung, Regulatioun oder Justiz an de Länner, an deenen de Prestataire aktiv ass oder aus deenen eng Ufro kënnt;

- d'Verschécke vun Donnéeën op offshore-Server am Kader vu Sécherheetsmechanismen;
- d’Späichere vun Donnéeën an Datenzenteren, déi ausserhalb vum Land leie kënnen, an deem d’Demande gestallt gouf.

Am Kader vum Artikel 43 vum Visacode bleift de Lëtzebuerger Staat de Verantwortleche fir d’Veraarbechtung, an de Prestataire handelt als Sous-traitant. E Sous-traitant dierf net selwer nei Zwecker fir d’Veraarbechtung festleeën.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Sinn dem Ministère déi genannten “Data Transfer Notice” an déi dozougehéiereg Dateschutzinformatioune vum Prestataire bekannt? Goufen si vum Ministère respektiv vum DPO gepréift, an ass hire Contenu mat de Kontrakter, déi Lëtzebuerg ofgeschloss huet, vereenbar?

2. Gëllen dës Transfertméiglechkeeten och fir Persounen, déi eng Demande fir Lëtzebuerg stellen? Falls net, wéi gëtt dat vertraglech ausgeschloss, a wéi gëtt et op der Plaz kontrolléiert?

3. Op wéi enger Rechtsbasis kéinten d’Donnéeë vu Lëtzebuerger Demandeuren un Affiliéen, Duechtergesellschaften oder un d’Mammegesellschaft vum Prestataire weidergi ginn, fir Zwecker vu Qualitéitssécherung, Audit oder interner Berichterstattung? Sinn dat Zwecker, déi de Lëtzebuerger Staat als Verantwortleche festgeluecht huet?

4. Wéi ass esou e Weidergi mat der Ausso vereenbar, datt d’Donnéeën am Prinzip bannent siwen Deeg nom Transfert un d'Ambassade geläscht ginn?

5. An wéi enge Länner leien d’Server an d’Datenzenteren, op deenen d’Donnéeë vu Lëtzebuerger Demandeuren têschegelagert oder veraarbecht ginn? Sinn dorënner Länner, fir déi keng Adequatiounsdecisioun vun der Europäescher Kommissioun besteet, a wéi eng Garantien am Sënn vum Kapitel V vum RGPD gëllen do?

6. Wéi bewäert de Minister de Risiko, datt Autoritéiten aus engem Drëttland Zougrëff op Donnéeë vu Lëtzebuerger Demandeure froen, op Basis vum Recht vun deem Land? Dës Fro stellt sech besonnesch fir d’Posten zu Beijing an zu Shanghai. Gouf esou eng Ufro dem Ministère scho jeemools bekannt, a wéi géif de Staat an esou engem Fall reagéieren?

7. Gouf eng Analyse d’impact relative à la protection des données fir d’Zesummenaarbecht mam Prestataire duerchgefouert? Wa jo, wéini, a war d’CNPD dobäi agebonnen? Kann dës Analys der Chamber zoukomme gelooss ginn?

8. Wéi eng Donnéeë ginn am Kader vun den optionelle Servicer wéi Coursier, SMS oder Reesversécherung un Drëtter weiderginn? Ass dobäi kloer getrennt tëscht den Donnéeën, déi fir d'Visa-Demande gesammelt ginn, an deenen, déi fir e kommerzielle Service benotzt ginn?

9. Ginn d'Sous-traitants ultérieurs vum Prestataire dem Lëtzebuerger Staat matgedeelt, a muss de Staat hinne virdru formell zoustëmmen?

10. Déi genannten "Data Transfer Notice" verweist Betraffener am Kontext. vun hire Rechter un de Prestataire a fir eng Reklamatioun un d'Dateschutzautoritéit an hirem Land oder am Land vum Transfert. Fir Persounen, déi eng Demande fir Lëtzebuerg stellen, ass awer de Lëtzebuerger Staat de Verantwortleche. Ginn dës Persounen doriwwer informéiert, datt hir Rechter vis à vis vum Lëtzebuerger Staat gëllen a datt d'CNPD zoustänneg ass, a wéi geschitt dat?

11. Ginn am Kader vun den onugekënnegten Inspektiounen no Artikel 43 (11) vum Visacode och d'Datefləss, d'Späicherung an d'Läschung gepréift? An der Äntwert op d'Fro n° 4172 goufe bei den Inspektiounen d'Raimlechkeeten, d'Entréeën, d'Signalisatioun an de Flux vun de Demandeure genannt.

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Deputéierten